



► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Rapporteur Merci. An der Zwëschenzäit hu mer keen ageschriwwene Riedner méi. Ech ginn dovun aus, datt d'Regierung och näischt méi der-bäizefügen huet, sou datt d'Diskussioun ofgeschloss ass a mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6286 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Marcel Oberweis), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch, M. Roger Negri et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (M. Jean Colombero), Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6332, en Ofkommes mat Tunesien iwwert d'Sécurité sociale. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht. Et ass bis elo kee Riedner ageschriwwen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

2. 6332 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Tunisienne, signée à Tunis, le 30 novembre 2010

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), rapportrice.- Merci fir d'Wuert, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen, wéi de President scho ganz richtig sot, kéime mer zum Projet de convention an der Matière vun der Sécurité sociale mat der Republik Tunesien.

De Projet gouf vun eisem Ausseminister, dem Här Jean Asselborn, de 16. September dat lescht Joer déposéiert. An der Réunion vum 20. Oktober d'lescht Joer huet d'Gesondheetskommisioun mech als Rapportrice du fir dese Projet bestëmmt. De Statsot huet säin Avis ofginn den 22. November vum leschte Joer, a mir hunn dann an eiser Réunion vum 1. Dezember dee gekuckt an eiser Sitzung. Am Januar ass du mäi Rapport unanime ugehall ginn.

Wat ass den Objet vun dësem Projet de loi, dee wéi gesot eng Konventioun an der Matière vun der Sécurité sociale ass, déi Lëtzebuerg mat der Republik Tunesien ofschléisst? Ma, dës Konventioun garantéiert all d'Rechter am Beräich vun der sozialer Sécherheet fir all Persounen, déi souwuel successiv wéi alternativ deem engen oder deem anere Regime vun deenen zwee Staten ennerleien.

E suivéiert am Generellen eigentlech déi Konventiounen, déi mer ëmmer maachen. Dat heescht bilateral Konventiounen, déi ofgeschloss ginn tëschent Lëtzebuerg an deenen eenzelne Staten also.

D'Applikatioun vun där Konventioun geet op déi eenzel Beräicher vun der Sécurité sociale an. Et sinn d'Assurance maladie, Accident de travail, d'Pension de vieillesse, d'Invalidité de survie, de Chômage an d'Prestations familiales. Dës Kéier, an dat ass eréischt fir d'Zweet an

enger Konventioun, do fält dann och d'Dépendance drënner.

Normalerweis si vun esou Konventiounen all Leit mat kenger Distinction vun der Nationalitéit betraff. Dëst wollten awer d'Tunesier net. Eist Land mécht dat elo awer, well mir mussen eis un d'Jurisprudence an der Affär Gottardo vun der Europäescher Cour de justice halen. An duerfir hänke mir - also Lëtzebuerg - eng Deklaratioun un déi Konventioun, wou mer dëst erklären, fir datt mir zumindest eisen europäesche Verflichtung gerecht ginn.

E puer weider Infoe sinn, datt d'Salariëe vun enger Transportgesellschaft där Législatioun ennerleien, wou d'Firma hire Sëtz huet. Wat den Détachement ubelaangt, sou gesäit d'Konventioun vir, datt während zwielef Méint den Travailleur kann détachéiert ginn a weider där Législatioun ennerläit, wou en normalerweis géif schaffen an drënner falen, an dës Period kéint verlängert ginn, wa speziell Gegebenheeten dat verlaangen. Och fir d'Diplomaten ass e spezielle Regime virgesinn.

Vläicht e puer Infoen zu deem Land, mat där mer dës Konventioun ofschléissen, dat jo e gudder Krack méi grouss ass wéi eist. An zwar huet Tunesien méi wéi zéng Milliounen Awunner. Et war bis zu senger Onofhängegkeet 1956 enner franséischem Protektorat. Déi éischt fräi Wahlen hunn eréischt rezent stattfonnt, nämlech den 23. Oktober vum leschte Joer.

Ech kommen dann awer direkt erëm zrëck op den eigentlechen Objet vum Projet de loi an och dem Statsot sengem Avis dozou. Dee war unanime d'accord. En hat also keng Objektiven zum Projet de loi ze formuléieren. D'Kommissioun huet wéi gesot den Avis och vum Conseil d'État gekuckt, huet iwwert de Rapport diskutéiert an huet dann och mäi schrëftleche Rapport unanime akzeptéiert.

Deemno géif ech dann och elo d'Plénière bidden, dat ze maachen, dës Projet also unanime ze stëmmen. Fir d'LSAP ginn ech op alle Fall meng Zoustëmmung an ech soen lech Här Minister, Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, deemno och Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.** - Merci der Rapportrice. Ech mengen, da wär alles zu deem Projet gesot an d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6332 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par Mme Christine Doerner), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par Mme Sylvie Andrigh-Duval), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo op eisen nächste Punkt vum Ordre du jour, nämlech eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Soins palliatifs. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Frank, den Här Wagner, d'Madame Lorsché an den Här Colombero. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Lydia Mutsch als Presidentin vun der Santéskommissioun. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

3. Débat d'orientation sur le rapport relatif à l'application de la loi du 16 mars 2009 relative aux soins palliatifs, à la directive anticipée et à l'accompagnement en fin de vie, portant sur les années 2009 et 2010

Exposé

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, beim Vote vun de Gesetzer iwwert d'Euthanasie an d'Soins palliatifs den 18. Dezember 2008 - also eppes méi wéi virun dräi Joer - huet d'Chamber an enger Motioun décidéiert, fir all zwee Joer net nëmmen en Débat iwwert d'Applikatioun vum Euthanasiegesetz ze féieren, mä och een iwwert d'Soins palliatifs.

Nodeems mer eis de leschte Summer, dat war den 9. Juni 2011, mam éischte Rapport vun der Commission nationale de contrôle et d'évaluation iwwert d'Applikatioun vum Gesetz iwwert d'Euthanasie beschäftigt hunn, ass et haut un de Soins palliatifs. Domadder stelle mer e gewëssene Parallelismus hier tëschent deenen zwee Gesetzer, wat och nach eemol ennersträiche soll, dass déi zwee Gesetzer an déi zwee Beräicher - dee vun der Palliativmedezin an dee vun der Stierfhëllef - komplementär sinn oder op d'mannst esou geduecht waren.

Erlaabt mer, fir d'Éischt kuerz op de Rapport iwwert d'Soins palliatifs anzegoen. E Rapport, dee wéi gesot all zwee Joer vun elo u soll de Point maachen iwwert d'Entwécklung vun deene Soinen am Beräich vum Secteur hospitalier an och am Beräich vum Extrahospitalier. E weidere Punkt geet ëm d'Besoins quantitatifs a qualitatifs couverts an à couvrir. An e leschte Punkt dréit ëm d'Formationen respektiv Formation continue am Beräich vun de Soins palliatifs.

Nieft dem Gesetz vum 16. Mäerz 2009 iwwert d'Soins palliatifs gëtt et nach eng Rei aner Texter, déi d'Palliativfleeg hei zu Lëtzebuerg reglementéieren: d'Spidolsgesetz vum 1998 an och dräi Règlement-grand-ducalen. De Lëtzebuerger Modell vun der Palliativmedezin - well ech mengen, et kann ee wirklech vun engem Modell, vun engem beispillhafte Modell schwätzen - fousst um Recht fir jiddwereen op palliativ Soinen, an dat souwuel am Secteur hospitalier wéi och extrahospitalier, an den Alters- a Fleegeheemer an iwwert d'Soins à domicile och doheem. Déi finanziell Ofsécherung ass garantéiert iwwert d'Gesondheetskeess an d'Assurance dépendance.

Den Accès zu de Soins palliatifs ass geregelt duerch eng bestëmmte Prozedur, bei där den Dokter e spezielle Formulaire ausfüllt, deen de Patient oder säi Représentant légal ennerschreift. Dës Deklaratioun geet dann un de Contrôle médical, deen d'Demande da fir 35 Deeg validéiert. Deen Délai kann, an dat ass och richtig esou, awer verlängert ginn. Den Dokter kritt dann de Bescheid zesumme mam Carnet de soins zougestallt. Mä dozou kommen ech nach méi spéit.

D'Gesondheetskeess iwwerhëlt d'Käschte fir d'Soins palliatifs. Am Spidolsberäich schwätze mer an deem Zusammenhang vun enger Journée hospitalière soins palliatifs, déi e bësse méi héich ugesat ass wéi eng normal Journée hospitalière. Ausserhalb vum Spidol ginn d'Akten och vun der Gesondheetskeess iwwerholl an dat an der Héicht vun deem, wat een als Patient vun der Fleegeversécherung zegutt hätt. Doriwwer eraus kréien d'Prestataire am Extrahospitalier, déi eng Konventioun mam Familljeministère hunn, nach eemol 150 Euro pro Patient a pro Dag fir Akten, déi net iwwert d'Gesondheetskeess rembourséiert ginn, erëm. Dat si virun allem Akten an de Soinen, déi d'Wuelbefannen an d'Liewensqualitéit vun de Patiente solle verbessern.

An deem Zusammenhang stellt sech iwwregens d'Fro, ob esou Akten dann net am Spidol och regulär missten dozougehéieren, well se nämlech wichteg sinn. An och dorunner direkt drugehaangen d'Fro, wéi se dann an deem Fall kéinte finanziert ginn.

D'Soins palliatifs sinn an de Spideeler uechtert d'Land no ganz verschiddene Modeller organiséiert. Et gëtt Spideeler mat ganz spezifischen Unitéite fir d'Soins palliatifs. Et gëtt och Spideeler, déi intern mobil Équipes hunn, déi an déi aner Unitéite ginn, fir do dann d'Soins palliatifs ze assuréieren. An et gëtt och Spideeler, déi e bëssen e Mix vun deenen zwee Modeller bei sech applizéieren. Den eelste Service palliatif fonctionnéiert zënter 18 Joer am CHEM, wou eng Équipe vu 15 Persounen - wouvun der sechs vun Ufank un, also vum 1994 un, derbäi sinn - all Joer am Duerchschnëtt 100 Mënschen an hirem leschte Liewensofschnëtt begleet. Et ass eng ganzheetlech Approche, déi si leet. Dat heescht, de Mënsch soll a senger Ganzheet betreucht a begleet ginn.

D'Palliativbetreung gëtt ëmmer méi komplex. Zum Beispill hëlt de Volet neurologique ëmmer méi zou an deene Krankheetsfäll, déi mussen traitéiert ginn. Och d'Schoulmedezin kann a soll mat alternativ medezinesche Konzepter kënne kombinéiert ginn. Zum Beispill bei der Schmäerztherapie. An dat geschitt och schonn a ganz verschiddene Fäll.

D'Aarbecht an der Palliativbetreung kann een am Fong an dräi Beräicher ennerglidderen: éischstens, d'psychologesch Prise en charge; zweetens, d'Symptomkontroll; an drëttens een enorm wichtige Beräich, nämlech de soziale Volet fir d'Patienten an och hir Familljen. Well et sinn net nëmmen d'Patienten, déi betreit ginn, mä ausdrécklech och hir Familljemembere, hiren direkten Entourage.

All Patient huet Urecht op déiselwecht Fleg, och a virun allem um Enn vum Liewen. Kee gëtt och zu eppes gezwongen, wéi och ëmmer ee sech décidéiert, fir dee Moment de Choix ze huelen. De Patient an/oder seng Famill muss säin Accord per Signature ginn. Dacks ass et awer e Problem mat där Signature, well vill Leit enner esou enger Signature praktesch verstinn, wéi wa se misste mat hirer Ennerschrëft hiert eegent Doudesuerteel ennerzeechnen, obwuel et natierlech drëm geet, fir si an dës schwéierste Momenter vun hirem Liewe professionell ze begleeden.

Hei hëlleft nëmmen eng transparent Informationspolitik ouni Tabuen, ouni Verstoppen an ouni Flouen. Well all Flouen droen dozou bäi, dass an der Praxis déi betraffe Leit net richtig wëssen, wat se sollen denken a wat se solle wëllen.

Op deen éischte Bléck schéngen déi verschidde Systemer am Land Vir- an Nodeeler ze hunn. Et muss ee sécher och respektéieren, dass all Spidol säin eegene System am Laf vun de Joren opgrond vu senge Besoinen a senge Méiglechkeeten entsprechend opgebaut a virun allem weiterentwéckelt huet. Dee Spillraum muss och weiderhi bestoe bleiven.

Iwwer kuerz oder laang ass et awer interessant, fir déi verschidde Systemer méi genee ënnert d'Lupp ze huelen, ze analyséieren an och ze evaluéieren. Enner anerem, well déi duerchschnëttlech Dauer vum Openthalt an de spezifische Soins-palliatifs-Unitéiten tendenziell méi héich op där enger oder op där anerer Plaz ass, obwuel jo awer ähnlech Patienten op deenen engen an op deenen anere Plazen op d'Servicer zréckgräifen. An de Spideeler mat den Équipes mobiles ass déi Dauer tendenziell méi niddreg.

Duerfir kann et eng ganz Rei vu Grënn ginn. Zum engen, dass et ëmmer e gewëssenen Drock gëtt, fir normal Spidolsbetter fräizemachen, och wann een um Terrain eng enorm Sensibilitéit vun alle Betreffende feststellt. Oder zum aneren, dass et vläicht méi interessant ass, fir d'Better an deene spezifische Palliativstationen, wa se schonn do sinn, dann och optimal ze notzen an de Patienten zur Verfügung ze stellen.

Wat um Enn fir de Patient natierlech besser ass, dat ass sécher net esou einfach ze soen. Duerfir brauch een eng déif gräifend Analys, a vill Parametere si mat Sécherheet och vu Patient zu Patient verschidden. Hei ass zum Beispill ee vun deene Beräicher, wou et immens interessant wier, fir mat Best-Practice-Beispiller ennerenee kënne ze operéieren an ze evaluéieren.

Et ass och esou, dass net nëmmen d'Organisation an de Modell vu Spidol zu Spidol verschidde sinn. Et bestinn och zum Deel ganz grouss Ennerscheeder um Niveau vun de Moyenen. Do kann ee sech dann d'Fro stellen, ob et net sënnvoll wier, fir opgrond vun der viru genannter Evaluatioun Normen auszeschaffen, wat iwwregens och am Spidolsgesetz virgesinn ass an net nëmme fir d'Palliativfleeg. Dat schéngt mer e ganz wichtege an interessante Wee ze sinn. Hei kéint et sënnvoll sinn, fir ze kucken, wéi de Personalschlëssel am Beräich vun der Palliativfleeg ausgesäit a misst ausgesinn oder eventuell adaptéiert ginn.

Mir wëssen, dass grad déi Patienten, déi an der leschter Phas vun hirem Liewen ukomm sinn, an hiren Entourage, dee se dobäi begleet, ganz, ganz vill Opmierksamkeet brauchen, dass Patientente vill an intensiv Soin brauchen an dass dës komplett Prise en charge och eng ganz, ganz schwéier an opreiwend Aarbecht fir d'Personal duerstelt.

Nieft deem qualitativen Aspekt misst een och ennersichen, wéi et ëm déi quantitativ Offer am Beräich Palliativmedezin steet. Ass se héich genuch? Entsprécht se de wirkleche Besoinen? Kritt all Mënsch, deen et bräicht, och tatsächlech Palliativfleeg an deem Sënn, wéi mir